









# Programm NOVEMBER-FEBRUAR 2016/2017

Oekosoph, Bistro vum Mouvement Ecologique am Oekozenter Pafendall
6, rue Vauban, L-2663 Luxembourg-Pfaffenthal
Mëttwochs an donneschdes vu 17:00 - min. 23:00 op!

mouvement écologique

oekozenter pafendall

## Den Oekosoph – besonnesche Programm November-Februar!

Grad elo, wann d'Deeg méi kuerz an d'Owender besonnesch gemittlech ginn, invitéiert Iech d'Equipe vum Oekosoph ganz häerzlech laanscht ze kommen, fir déi flott Atmosphär am Bistro a gutt Bio-Plat'en a Gedrénks ze genéissen - ... an ze poteren, sech ze begéinen, auszetauschen oder och iwwert politesch Entwécklungen ze diskutéieren!

Mëttwochs an Donneschdes ass den Oekosoph vu 17:00 bis op mannst 23:00 fir Iech op! Fir den Hierscht-Wanter bidde mir awer och e puer Neiegkeeten an en extra Programm.

## Nei Zesummenaarbecht mam Traiteur Niessen - kommt op e flotten éischte Schmaachowend de Mëttwoch 23. November ab 19:30!

Den Oekosoph geet eng nei Kooperatioun mam Traiteur Niessen an. Den Traiteur Niessen wäert eis regelméisseg lecker Plat'en liwweren, an esou d'Offer am Oekosoph nach méi attraktiv maachen.

Firwat dës Zesummenaarbecht mam Traiteur Niessen? D'Fleesch wat ugebuede gëtt ass aus Biohaltung, all Déiere si vu Lëtzebuerg. E weidert wichtegt Ziel vum Traiteur Niessen als leschte privat gefouerte Schluechtbetrib zu Lëtzebuerg vun Ëlwen: kuerz Transportweeër a kee Stress fir d'Déieren.

Fir dës Kooperatioun ze lancéieren, luede mir an op e besonnesche Schmaachowend, wou och de Kach vum Traiteur Niessen an e Responsabelen do sinn, fir eis hier Philosophie ze erklären.






**Kommt laanscht um "WALKING DINNER – TASTING", natierlech alles a Bioqualitéit.**

Ze schmaache gëtt et:
Zoppen: Velouté de potiron (vegan) - Ierbsebulli - Bouneschlupp
Warmes : Roulade de boeuf braisée à la bière Simon
Wäinzoossiss, sauce crémeuse à la moutarde et miel
Judd mat Gardebounen
Mini choucroute mat mini Mettwurscht
Lentilles à la nage (vegetaresch)
Avis aux amateurs. Präis: 18 Euro.

Eng Umeldung bis den 20. November via meco@oeko.lu oder Tel. 439030-1 ass néideg.

## 2 Iddien nei belieft: Sproochecafé a Spillowender

Grad elo relancéiert den Oekosoph mat duebeler Freed dës Iddien nei.

**Loscht Lëtzebuergesch ze schwätzen? Kommt laanscht am Sproochecafé Oekosoph**: Dir verstitt a kënnt e bësselche Lëtzebuergesch, awer nach net wierklech gutt? Da kommt bei eis. Et sinn 1 mol de Mount Leit am Oekosoph, déi Loscht hu sech mat Iech op Lëtzebuergesch auszetauschen.



**Déi éischt 2 RV sinn Mëttwochs den 23. November an de 14. Dezember 2016 vun 19:00-21:00.**

**Gesellschaftsspiller: all zweete Mëttwoch am Mount, vum 11. Januar 2017 un ab 19:00**
Méi wéi zéng vun deene flottsten an interessantsten Gesellschafts- a Kartespiller stinn ëmmer bei eis zur Verfügung (e.a. Ticket to Ride, Dominion, Catan, Carcassonne, Stone Age, 7 Wonders, Smallworld, Pandemic, Alhambra, Bellotte...). Ab Januar kënnt zousätzlech all zweete Mëttwoch am Mount eng Équipe vu ''Social Gaming Luxembourg'' an de Bistro. Si deelen hier Leidenschaft vun de Gesellschaftsspiller gäre mat aneren... duerfir komme si laanscht, erkläre Spiller a spillen natierlech gäre mat jiddrengem dee Loscht huet. Jiddereen ass wëllkomm. Faites vos jeux!

## Extra Plat'en a Menü'en

Am Oekosoph kritt Dir eisen traditionellen Kéisteller, Nuddelen ... a bal all Mëttwoch kacht e Member vun der Oekosoph-Equipe en extrae Plat. (Normalerweis ass dien och nach donneschdes ze kréien.) Dir fannt en ëmmer op www.facebook.com/oekosoph.lu oder www.oekosoph.lu Et ginn awer och nach 2 Extra Owender mat besonnesche Menü'en ugebueden.

**Vegetaresche Menü mat der Veggietable-Kachequipe a Lydie Philippy: Mëttwoch, 30. November ëm 19:30**
E lackelegen Owend mat engem komplette Menü:
**Zopp**: gréng Péiterséileg-Wuerzel Zopp
**Haaptplat:** Tofu-Päckchen am Porettemantel begleet vu Kräidergromperen mat Moschterzooss.
**Dessert**: Noss-Parfait op Mango Zooss. Präis: 30 Euro. Eng Umeldung ass néideg bis de 25. November: meco@oeko.lu / Tel. 439030-1

**Fushi-Owend: Mëttwoch, 7. Dezember, ab 19:30**
Wuel eemoleg zu Lëtzebuerg: e gemittlechen Owend mat Fusionkichen am Sushi-Style. Ma et muss net ëmmer Räis sinn! "Fushi" ... California Rolls, Nigiri a gefëllten Nori-Blieder mol anescht, gefëllt mat regionalen a saisonale Produkter (Fëllung aus Graupen, Wëllkuer Sonneblummekäre mat Leinsamen oder Weess). Sushi ... oder ebe Fushi, fir all Leit, déi Loscht hunn op e vegant Erliefnis.
Dat vun eisem Kach Camille Muller. Präis: 18 Euro. Eng Umeldung bis de Méinden, 5. Dezember ass néideg via meco@oeko.lu oder Tel. 439030-1



## Extra Veranstaltungen November – Januar

**An de nächste Méint erwaarden Iech am Oekosoph zousätzlech eng ganz Rei interessant Veranstaltungen:**

**Uuchten am Oekosoph**



An de Wantermëint ginn d’Deeg méi kuerz an d’Nuechte méi laang. Fréier, wéi et nach keng Elektrizitéit gouf, sinn d’Leit mateneen an d’Uucht gaangen, fir Neiegkeeten ze tauschen, Geschichten ze verzielen, Lidder ze sangen oder soss eppes ze kniwwelen. Ënnert der “Leedung” vum Christian Ries, Catherine Hengesch a Camille Kerger gëtt an der Uucht am Oekosoph en internationale Programm mat weltleche Lidder op Lëtzebuergesch, Däitsch, Franséisch, Portugisesch, Englesch an Italienesch gesongen. De Gesank gëtt begleet mat Piano, akustescher Gittar an/oder Akkordeon. Jiddereen ass wëllkomm, och wann een net wëll sangen an nëmmen nolauschteren wëll. Fir d’Deelhuelen un der Uucht sollt Dir Iech awer w.e.g. umellen op www.uucht.lu

RDV‘en sinn: Mëttwoch, de 16. November 2016, de 14. Dezember 2016, den 18. Januar 2017 an de 15. Februar 2017, vun 19:30 bis 22:00. Den Entrée ass fräi… an natierlech kann een och eppes iessen an drénke kommen, ouni un der Uucht deelzehuelen.

**“Onse Fuendel héich ze halen” oder “Soulaang wéi mer falen, si mer net ënnen”: Liesowend mam Pierre Puth – begleet vum Paul Dahm mat Fingerfood vun der Veggietable-Equipe vum Mouvement Ecologique e Freiden, de 9. Dezember, ëm 20:00.**

2013 hat de Pierre Puth 2013 am CNL e satiresche Virtrag gehal mam Titel Lëtzebuerg de Lëtzebuerger: Exkurs iwwer eis Identitéit – vum Grof Siegfried bis bei de Lex Roth a vun der Melusina bis bei d’Léa Linster.

Nodeems hien ee Joër duerno als Fortsetzung zu dësem Thema ënnert dem Titel “Lëtzebuerg net nëmmen de Lëtzebuerger oder Mir wëlle bleiwen, wat mer guer net sinn“ en zweete Programm geschriwwen hat, soll 2016 déi satiresch Trilogie iwwer Lëtzebuerg mat engem drëtten Deel ofgeschloss ginn.

Rendez-Vous am Oekosoph as de Freiden, 9. Dezember - mat lackelegem Fingerfood! Entrée: 23 Euro fir Net-Memberen an 20 Euro fir Memberen. Umelle soll ee sech via: meco@oeko.lu oder Tel. 439030-1 bis de Mëttwoch, 7. Dezember 12:00





**Béierdéckelsgespréicher: No Politics !!! Deen neie Solo-Kabarettsprogramm vum Jay Schiltz : Sonndes, den 29. Januar 2017 ëm 17:00 a Freides, den 10. Februar 2017 ëm 20:00**

Keng Politik ? Oder dach! Oder grad!

No ronn dräi Joer Paus kënnt de Jay Schiltz zréck op d’Kabarettsbühn. Meng kabarettistesch Faaschtenzäit ass eriwwer, seet hien, et gëtt vill ze soen an ze kommentéieren, net nëmmen an der Politik. Eis Gesellschaft ass krank, mir steieren a Gedanken, Wieder a Wierker poulriicht an eng nei Katastrof. Emdenken, esou laang et nach geet, och wann dat fir vill net einfach ass. Humor ass, wann een trotzdem laacht**.**

Entrée: 20 Euro fir Net-Memberen a 17 Euro fir Memberen. Eng Umeldung bis de 27.1. resp. den 8.02. ass néideg via meco@oeko.lu - Tel. 439030-1

**Quizowend am Oekosoph: „Wanter Editioun“: e Mëttwoch, den 1. Februar ëm 19:00**

Mëttwochs, den 1. Februar 2017 invitéiere mir häerzlechst op déi 4. Editioun vun eisem Quizowend am Oekosoph. Och dës Kéier kënnt Dir Äert Wëssen zu den all/on-méiglechsten Themen ënner Beweis stellen. Fir d’Wanter Editioun, hu mer eis natierlech och kulinaresch erëm eppes afale gelooss. Et gëtt Chilli mat an ouni Fleesch an de Glühwäin dierf natierlech och net feelen.

Gespillt gëtt erëm a Gruppen (Gréisst vun de Gruppen hänkt vun den ageschriwwene Leit of), sou datt mir hoffen datt sech d'Leit spontan a Gruppen zesummefannen. Wann dir Iech wëllt op de Quiz an op déi gestalte Froe virbereeden, da mengt alt! Kommt laanscht a probéiert ee vun de ville flotte Cadeau'en ofzestëbsen. Aschreiwe kënnt Dir Iech ab 18:00 sur place am Bistro (3 Euro). Um 19:00 fänke mir mam Quiz un. Duerfir, kommt laanscht op eise Quiz a léiert nei Leit kennen, stellt Äert Wëssen ënner Beweis a verbrengt en flotten Owend.

Natierlech bitt Iech den Oekosoph och weiderhin besonnesch originelle Biobéier, iwwert 20 Zäitschrëften a villes méi.

Mir freeën eis op Äre Besuch!

# Agenda-Iwerbleck

Normal Ouvertureszäiten: all Mëttwoch an Donneschden vu 17:00 – min. 23:00 – reegelméisseg Extraplat'en.

**November 2016**

- **Mëttwoch, 16.11.** Uucht vun 19:30 – 22:00
- **Mëttwoch, 23.11.**
  * „Walking dinner" mam Traiteur Niessen ab 19:30
  * Sproochecafé vun 19:00-21:00
- **Mëttwoch, 30.11.** Vegetaresche Menu mam Veggietable a Lydie Philippy, 19:30

**Dezember 2016**

- **Mëttwoch, 7.12.** Fushi-Owend, 19:30
- **Freiden, 9.12.** Liesowend mam Pierre Puth – begleet vum Paul Dahm mat Fingerfood vun der Veggietable-Equipe ëm 20:00
- **Mëttwoch, 14. 12.**
  * Sproochecafé vun 19:00-21:00
  * Uucht vun 19:30 – 22:00

**Januar 2017**

- **Mëttwoch 11.01.** Gesellschafts-spiller (ab Januar all 2. Mëtt-woch am Mount) ab 19:00
- **Mëttwoch 18.01.** Uucht vun 19:30 – 22:00
- **Sonndes, 29.01.** Kabarett mam Jay Schiltz ëm 17:00

**Februar 2017**

- **Mëttwoch, 1.02.** Quizowend ëm 19:00
- **Freides, den 10.02.** Kabarett mam Jay Schiltz ëm 20:00
- **Mëttwoch, 15.02.** Uucht vun 19:30 – 22:00

## Der Oekosoph im Pfaffenthal ist gut erreichbar zu Fuß:

von der Oberstadt mit dem Panorama-Lift (Eingang im Park „Pescatore") oder vom „Fëschmaart" sowie dem „Eecher Bierg" (Gehzeit 10 Min.)
**mit dem Bus: AVL 23, Haltestelle** "Théiwesbuer" oder "Vauban". Busverbindungen siehe www.mobiliteit.lu
**mit dem Fahrrad**: von der Oberstadt z.B mit dem Panorama-Lift (Eingang im Park „Pescatore"). Fahrradständer direkt am Gebäude.
**mit dem Auto**: Am besten den Parkplatz „Um Glacis" nutzen und dann zu Fuß den Panoramalift nehmen (Eingang im Park „Pescatore").
Lageplan auch auf www.meco.lu/de/acces/

**Oekosoph**
**6, rue Vauban**
**L-2663 Luxemburg / Pfaffenthal**
**www.facebook.com/oekosoph.lu**

Oeko Soph
PAFENDALL